



**TROUN
WIESEL**

EMBARGO :

Chaque phrase de ce discours est soumise à embargo, jusqu'à ce qu'elle ait été officiellement prononcée par Monsieur le Président de la Chambre des Députés

Traduction de courtoisie

**DISCOURS DE MONSIEUR CLAUDE WISELER,
PRÉSIDENT DE LA CHAMBRE DES DÉPUTÉS
À L'OCCASION DE L'ASSERMENTATION DE
SON ALTESSE ROYALE LE GRAND-DUC GUILLAUME**

Chambre des Députés, Luxembourg, le 3 octobre 2025

Majestés, Altesses Royales,
Exzellenzen,
Léif Kolleeinnen a Kolleeen,
Dir Dammen an Dir Hären,

en Trounwiessel ass an der Geschicht vun engem Land wéi en Epochewiessel. All Staatschef präägt seng Zäit a gëtt vu senger Zäit gepräägt.

Monseigneur,

mir erënneren eis gutt un Är Urgroussmamm, d'Grande-Duchesse Charlotte. Si steet fir d'Generatiounen, déi de Krich materlieft hunn. Si huet eis markéiert duerch hir charmant an iwuerzeegend Aart a Weis an huet Lëtzebuerg duerch schwierig Zäite gefouert. Duerch hir weltwäit Präsenz krut eist Land seng Onofhängegkeet zeréck an eng fest Plaz op der internationaler Bün.

Äre Grousspapp, de Grand-Duc Jean, steet fir eng Epoque vu Wuesstum a Wandel, an där eist Land sech fundamental geännert huet a vun engem Industrie- zu engem Déngschtleeschtungsland ginn ass. De Grand-Duc Jean huet op seng diskreet an empathesch Aart a Weis déi Transformatioun begleet an och representéiert.

Äre Papp, de Grand-Duc Henri, zesumme mat der Grande-Duchesse Maria Teresa, huet während 25 Joer d'Moderniséierung vun eistem Land begleet an dozou bäigedroen, datt d'Institutioun vun der Monarchie gefestegt an un d'Zäit vun haut konnt ugepasst ginn. Et ware 25 gutt Joer, déi eist Land, seng Identitéit, seng Oppenheet weiderbruecht hunn.



Dofir ass et och eng Éier an eng grouss Freed, haut hei an der Chamber de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa ze begréissen. Ech wëll hinne Merci soe fir all dat, wat si fir eist Land an deem Véierelsjoerhonnert gemaach hunn.

Mir sinn och houfreg, haut hei an dësem Haus d'Staatscheffen aus Holland an aus der Belsch begréissen ze kënnen.

Majestés, Altesses Royales,

Je me réjouis de Votre présence parmi nous en cette journée historique à la Chambre des Députés. Il s'agit d'un signe fort qui caractérise les liens entre Vos dynasties et la famille grand-ducale. Votre présence incarne le lien profond et immuable qui unit nos trois pays.

Nous sommes également très honorés et profondément touchés de pouvoir accueillir aujourd'hui parmi nous les plus hautes autorités européennes.

Madame la Présidente du Parlement européen, Monsieur le Président du Conseil européen,

Étant donné que l'assermentation du Grand-Duc en tant que Chef de l'État se fait, selon l'article 57 de la Constitution luxembourgeoise, devant la Chambre des Députés, devant le Parlement luxembourgeois en tant que représentant du pays, et qu'il s'agit là d'un acte éminemment symbolique inscrivant la monarchie constitutionnelle dans notre démocratie parlementaire, il nous a semblé évident de vous avoir aujourd'hui parmi nous en tant que représentants des deux institutions co-législatrices européennes.

Votre présence témoigne de votre soutien au nouveau Grand-Duc et de la place importante qu'occupe notre pays au sein de vos institutions.

Monseigneur,

haut ass virun allem e wichtegen Dag fir lech.

Dir sidd hei zu Lëtzebuerg gebuer a grouss ginn. Dir kennt eist Land a seng Leit. Dir sidd vu Klengem un op Är Roll als Grand-Duc a Staatschef virbereet ginn an Dir hutt viru bal genau engem Joer d'Chargë vum Lieutenant-Représentant iwwerholl.

An haut ass et esou wäit. De Grand-Duc Henri huet decidéiert, lech den Troun ze iwwerloossen.

Well et de richtege Moment ass.

Well Dir prett sidd.



An e puer Minutte wäert Dir als Grand-Duc Staatschef vu Lëtzebuerg ginn.

D'Funktoun vum Staatschef ass ierflech an der direkter Descendance vum Grand-Duc Adolphe, dee virun 135 Joer op den Troun komm ass. No him sidd Dir de 7. Lëtzebuerger Grand-Duc aus dem Haus Nassau-Weilburg an den 10. Grand-Duc säit der Schafung vum Grand-Duché 1815. Dir sidd och de 5. Lëtzebuerger Staatschef mam Virnumm Guillaume, no den dräi hollännesch-lëtzebuergesche Rois Grands-Ducs an Ärem Ururgrousspapp, dem Guillaume IV.

Monseigneur,

Dir sidd deen éischte Grand-Duc, deen no der Aféierung vun der neier Constitutioun vereedelegt gëtt. Ären institutionelle Rôle ass do definéiert. „De Grand-Duc ass de Staatschef. Hie representéiert de Staat. Hien ass d'Symbol vun der nationaler Eenheet an Onofhängegkeet“, steet am Artikel 44.

Als Symbol vun der nationaler Eenheet hutt Dir déi wichteg Aufgab, Brécken ze bauen: tëschent Traditioun an Zukunft, tëschent Generatiounen, tëschent Lëtzebuerger an Net-Lëtzebuerger, tëschent eisem Land a senge Partner, am Benelux, an Europa an an der Welt.

Monseigneur,

Iech erwaarden aner Erausfuerderunge wéi Är Virfaren. Déi Welt, an där mir haut liewen, fuerdert déi Wäerter, déi fir eis wichteg sinn, déi d'Fundament vun eiser Gesellschaft bilden, ëmmer méi eraus. D'Demokratie, d'Fräiheet, d'Rechtsstaatlechkeet, d'Mënscherechter, jo, esouguer de Fridde stinn ëmmer méi ënner Drock. Et wäert an deenen nächste Joren eis gréisst Erausfuerderung ginn, fir dat ze kämpfen, woufir mir stinn, wouru mer gleewen a wat eis ausmécht: eis Wäerter.

Et wäerten an deene Jore gutt Zäiten op eist Land zoukommen, awer och manner gudder. Mir sinn iwwezeegt, datt mir déi Erausfuerderunge meeschtere kënnen. An dat ass ëmsou méi einfach, wann e Land e Staatschef huet, bei deem ee weess, datt hie sech wäert, egal wéi de Wand bléist, fir d'Wäerter vun eisem Land a vun eiser Gesellschaft asetzen: Demokratie, Solidaritéit, Fräiheet a Respekt.

D'Institutioun vum Grand-Duc steet fir Stabilitéit.

Lëtzebuerg steet fir Stabilitéit: vun eiser Gesellschaft, eiser Wirtschaft an eise Wäerter.



Eis Stabilitéit erkläert sech eigentlech duerch eppes ganz Einfaches: Mir wëllen dat erhalen, wat eis wichteg ass, mee mir fäerten net, no vir ze kucken, ze adaptéieren an ze änneren, wann et noutwendeg ass. Mir si gewinnt, vill an heiandso laang ze diskutéieren, bis de beschte Wee fonnt ginn ass.

Eis Stabilitéit erkläert sech haaptsächlech och doduerch, datt jidderee fräi seng Meenung ka soen, hei an der Chamber an iwwerall soss.

Do kënnen et da selbstverständlech Desaccorde ginn.

Mee dat heescht awer net, datt mer eis splécke loossen, weeder vun aneren nach vun eis selwer.

Dat ass dat, wat Lëtzebuerg ausmécht.

An dat ass och mäi Message un lech.

Mir wäerten zumools och a méi schwéieren Zäiten op lech kucken an der Erwaardung, datt Dir eis duerch Är Dignitéit an Är Integritéit drun erënnert, datt d'Rezept vun der Stabilitéit vun eisem Land doranner läit, datt mer alleguerten, an och wa mer eis net grad ëmmer iwwer alles eens sinn, zesammenhalen.

Ech weess, datt dat lech net wäert schwéierfalen.

Är Virfaren hunn lech dee Wee virgezeechent, mee et ass un lech, en esou ze gestalten, datt e bei lech an och an eis modern Zäit passt. Ech sinn iwwerzeegt, datt Dir Äert Bescht wäert maachen an dësem Règne Ären eegenen, Äre perséinleche Stempel wäert opdrécken. Dobäi hutt Dir d'Grande-Duchesse Stéphanie un Ärer Säit.

Madame,

de Grand-Duc Guillaume, Äre Mann, gött elo Staatschef. Dir, als Grande-Duchesse, wäert him eng wäertvoll Stäip sinn. Duerch de Respekt, deen Dir an all deene Jore vun de Leit entgéintbruecht krut, kënnt Dir Theeme weiderbréngen, déi lech beweegen. Är Roll ass net an der Verfassung beschriwwen, mee ass an den Häerzer vun de Leit, wou Dir elo schonn eng Plaz hutt.

Dir hutt als Elteren och drop gehalen, de Pränz Charel mat an d'Chamber ze bréngen. Dat huet bis elo jo richteg gutt geklappt a mir sinn och dankbar fir de symbolesche Geste vu laangfristeger Kontinuitéit.



Monseigneur,

ech wënschen lech, datt dës nei Etapp fir lech mat Freed an Zouversicht verbonnen ass an datt Dir déi Begeeschterung, déi Dir als Ierfgroussherzog an als Lieutenant-Représentant fir Är Missiounen gewisen hutt, ni verléiert.

Dir hutt all d'Viraussetzungen dofir.

Ech wënschen lech, Monseigneur, eng glécklech Hand un der Spëtzt vun eisem Land.

Voilà, Monseigneur, déi puer Wierder, fir lech am Numm vun der Chamber, mee och am Numm vum Land ze soen, datt mir lech vertrauen, esou wéi mir Ärem Papp vertraut hunn. Mir wëssen, datt Dir alles wäert maachen zum Beschte vun eisem Land, senge Leit a senge Wäerter.